n° 3117

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Deputéiertechamber**
**Lëtzebuerg, den 09.11.2020**

Här President,

Sou wéi d' Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an un den Här Minister vun der Fonction publique weiderzeleeden.

Den Artikel 50(4) vum Traitementsgesetz fir d'Fonctionnaire vum 25. Mäerz 2015 gesäit vir, dass déi Enseignanten, déi scho virum Datum vum Akraafttriede vun dësem Gesetz (1. Oktober 2015) hir definitiv Nominatioun als Professer haten, 10 Joer no hirer éischter Nominatioun een Avancement an hirem Traitement kréien: « *Les fonctionnaires dont les fonctions sont reprises à l'annexe A II. sous b) Régime transitoire de la rubrique «Enseignement » de la présente loi et qui sont classés aux grades E5 à E8 bénéficient d'un avancement de deux échelons supplémentaires après dix ans de bons et loyaux services depuis leur première nomination […]* ». Wärend dat aalt Traitementsgesetz vum 22. Juni 1963 am Bezuch op dësen Avancement nach een zousätzlechen Abschnitt enthalen hat, dass falls eng Karriär eng éischt Nominatioun als Kandidat beinhalt, eréischt déi definitiv Nominatioun als Professer fir d'Applikatioun vun dësem Avancement zielt, sou enthält dat neit Traitementsgesetz vun 2015, duerch dat d'Gesetz vun 1963 abrogéiert gouf, dësen Zousaz net méi.

An dësem Kontext géif ech gären deenen zoustännege Ministere vun der Educatioun nationale an der Fonction publique folgend Froe stellen:

- Wéi gett den Avancement vun de betraffene Professeren elo gehandhaapt? Op wéi eng konkret legal Basis berout sech de Ministère an desem Kontext?

- Eisen Informatiounen no gett d'Nominatioun als Fonctionnaire, déi déi betraffenen Enseignanten deemools no hirem gepackte Stage duerch een Arrêté vum Grand-Duc kruten, net als hir éischt Nominatioun unerkannt. Kann de Minister eis dest confirmeieren? Wa jo, wie justifizeieren d' Minisiteren des Decisioun?

Mat beschte Gréiss

Martine Hansen
Deputeiert

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°3117 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen iwwert d'Critères d'avancement vun den Enseignanten**

De Mechanismus vum Avancement "de deux échelons supplémentaires" huet seng Originnen am Artikel 8.-V. vum Gehälter-Gesetz vun 1963 a seet Folgendes :

*« Les fonctionnaires dont les fonctions sont reprises à l'annexe A de la présente loi sous la rubrique IV « Enseignement » et qui sont classés aux grades E5 à E8 bénéficient d'un second avancement de deux échelons supplémentaires après dix ans de bons et loyaux services depuis leur première nomination sans préjudice du report de l'ancienneté acquise par le fonctionnaire dans l'échelon auquel il était classé avant l'avancement en traitement. Le bénéfice de cette disposition ne peut être accordé qu'une seule fois pour l'ensemble des grades visés à la présente section.*

*Lorsque la carrière du fonctionnaire comporte une première nomination de candidat, le grade de professeur est considéré comme grade de début de carrière pour l'application de la disposition de l'alinéa 1^er ci-dessus. »*

Säit der Reform vum 1. Oktober 2015 hunn d'Enseignante keng "carrière plane" méi, sou wéi et fréier bei den E-Grade war, ma ginn an de groupe de traitement A1 klasséiert wou se vum Grad 12 bis an de Grad 16 avancéiere kënnen. D'Enseignante déi virum 1. Oktober 2015 rekrutéiert gi waren, sinn an hirer aler "carrière plane" bliwwen a goufen an ee Régime transitoire gesat.

Dat neit Gehälter-Gesetz vun 2015 gesäit keng Dispositioun méi vir, iwwert d'"Candidats –Professeurs".

Am neie Regime gëtt et de Mechanismus vum Avancement "de deux échelons supplémentaires" also net méi.

Wéinst dem Régime transitoire war et awer néideg am Artikel 50, Paragraphe 4 eng Iwwergangsbestëmmung fir d'Enseignante virzegesinn déi schonns virum 1. Oktober 2015 hier Nominatioun als Professer haten.

Dës Iwwergangsbestëmmung iwwerhëlt den éischten Abschnitt vum Artikel 8.-V. vum Gehälter-Gesetz vun 1963, net awer den zweeten Abschnitt.

Aktuell presentéiert sech d'Situatioun vum Mechanismus vum Avancement "de deux échelons supplémentaires" wéi follegt:

1) Wat d'Enseignanten ugeet déi um 1. Oktober 2015 Kandidat waren oder duerno genannt goufen, wennt sech den Artikel 5 vum Gesetz vum 2. September 2020 iwwert d'Funktioun vum Kandidat an de Karriäre vun den Enseignante vum Enseignement postprimäre un. Hei gëtt de Mechanismus vum Avancement "de deux échelons supplémentaires" folgendermoosse geregelt:

*„ (1) Par dérogation à l'article 8, point III, alinéa 2, de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, les dispositions suivantes s'appliquent à l'agent qui, à la date du 1er octobre 2015, était candidat ou a été nommé à la fonction de candidat à partir de cette date :*
*1° pour l'agent dont la nomination en tant que candidat a eu lieu à partir du 1er octobre 2015 et qui par la suite a obtenu une nomination définitive à la fonction pour laquelle il a accompli avec succès son stage pédagogique, la date de nomination en tant que candidat est considérée comme date de début de carrière ;*
*2° pour l'agent dont la nomination en tant que candidat a eu lieu avant le 1er octobre 2015 et qui par la suite a obtenu une nomination définitive à la fonction pour laquelle il a accompli avec succès son stage pédagogique, la date du 1er octobre 2015 est considérée comme date de début de carrière.*

*(2) Par dérogation à l'article 8, point V, alinéa 2, de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, les dispositions suivantes s'appliquent à l'agent qui, à la date du 1er octobre 2015, était candidat ou a été nommé à la fonction de candidat à partir de cette date :*
*1° pour l'agent dont la nomination en tant que candidat a eu lieu à partir du 1er octobre 2015 et qui par la suite a obtenu une nomination définitive à la fonction pour laquelle il a accompli avec succès son stage pédagogique, la date de nomination en tant que candidat est considérée comme date de début de carrière ;*
*2° pour l'agent dont la nomination en tant que candidat a eu lieu avant le 1er octobre 2015 et qui par la suite a obtenu une nomination définitive à la fonction pour laquelle il a accompli avec succès son stage pédagogique, la date du 1er octobre 2015 est considérée comme date de début de carrière. "*

2) Wat d'Situatioun vun den Enseignanten ugeet déi hir Kandidatur ofgeschloss hunn a virum 1. Oktober 2015 Professer genannt goufen, ännert sech näischt par Rapport zum Régime vum 1963er Gehälter-Gesetz.

   D'Nominatioun als Kandidat gëtt net als déi éischt Nominatioun an d'Funktioun vum Professer considéréiert, well d'Annexe aus dem Gehälter-Gesetz d'Funktioun vum Kandidat net virgesäit. Dëst ass och duerch e Geriichtsuerteel confirméiert ginn.

   Den Artikel 50, Paragraphe 4 vum Gehälter-Gesetz vun 2015 ass jo just eng Iwwergangsbestëmmung, dat heescht eng Bestëmmung déi de Passage vum ale Regime an den neie Regime regele soll an dofir just eng zäitlech limitéiert Liewensdauer huet.

   Dës Iwwergangsbestëmmung ass domat nëmmen d'Fortsetzung vum Artikel 8, Paragraphe 5 vum ale Gehälter-Gesetz vun 1963 a kann net méi wäit goe wéi dat wat initialement virgesi war.